# Manifestations

**Béiwen/Atert.** – „Rallye pédestre" mat Grillfest zu Béiwen/Atert. Den Départ as um 9.30 Auer. Org. vum Spuerveräin De leschte Frang. Umeldung um Tel. 6 31 27. *934738*


**3. Elslicker Nootsralley**
zu DOL
de 24. Juni 1995
Tel. 89 93 66 / 89 93 72
Org. Jeunesse Dol
933617

**Life Style**
Samsdeg, 24. Juni 95
zu Echternoach a Kack
Org.: FNEL Guides
ECHTERNOACH
936443

**THE CHALLENGERS**
zu ÉINEN
24. Juni 1995
936145


**Ell.** – Am Kader vu „15 Jo'er Ell (L) - Ell (NL): Concert-apéro am Centre culturel zu Ell e Sonndig, 25. Juni um 11 Auer, gespillt vun der „Fanfare Ellona". Duerno Mettigiessen am Saul. Um 14 Auer. Optrett vun den Ellenthaler Musikanten. Org. d'Musik vun Ell. *935608*

**Elvange/Schweich:** – Sonndes, de 25. Juni Rallye-Surprise um Velo a Gruppen vun 3 bis 5 Leit – e Cadeau fir jidderee bei der Arrivée – Gratistombola: 1 Mountainbike – Programm: Concert-apéro vum Kannerchouer „Gënzebléien" Heischent – Verkéiersgaart, Sprangzelt, Kanner molen e Bühnebild – Weider Concert'en: 16.30 Auer: Harmonie Klengbetten, 18.00 Auer: Harmonie Viichten, 19.00 Auer: Big Band vun der Stadter Musik – Mëttig- an Owesiessen: um Menu stin Päerdsbifdeck, Zalotebuffet a Bouchée à la Reine – Reservatioun: Tel. 63 93 91 – Org.: Fanfare Schweecherdaul *932217*

**Filsdorf.** – Grillfest zu Fëlschdrëf de 24. a 25. Juni. Org. JAC Fëlschdrëf. *936460*

**Elvange/Schweich.** – Sonndes, de 25. Juni Rallye-Surprise um Velo a Gruppe vun 3 bis 5 Leit – e Cadeau fir jiddereen bei der Arrivée – Gratistombola: 1 Mountainbike – Programm: Concert-apéro vum Kannerchouer „Gënzebléien" Heischent – Verkéiersgaart, Sprangzelt, Kanner molen e Bühnebild – Weider Concerten: 16.30 Auer: Harmonie Kléngbetten, 18 Auer: Harmonie Viichten, 19 Auer: Big Band vun der Stadter Musik – Mëttig- an Owesiessen: um Menu sti Päerdsbifdeck, Zalotebuffet a Bouchée à la Reine – Reservatioun: Tel. 63 93 91 – Org.: Fanfare Schweecherdaul. *935735*

**Héinescht.** – Oldies-Bal zu Héinescht e Samsdig, de 24. Juni 95 am Centre culturel mam Orchester „Los Amigos". Org.: d'Pompjeë van Héinescht-Kaalber. *933953*

**Weiler/Putscheid.** – Velosrallye e Sonndeg, den 2. Juli 1995, zu Weiler/Putscheid. Départ um 13.30 Auer beim Gemengebau. Equipe vun 3 Mann. 1. Präis: 1 Velo, 2. Präis: 1. Veloskostüm, 3. Präis: 1 Helm an Hänschen asw. Org.: Spuerveräin Nachtmanderscheid. *936478*

**Konsdréf.** – D'Konsdréfer Musek invitéiert op hir Mini-Olympiad mat Jux- a Geschécklechkeetsspiller déi e Samsdeg, de 24. Juni, vu 14.30 Auer un, bäim Zelt an der Rue de la Mairie ofgehale gët. Equipe vu 4 Leit kënne sich nach bis zum Start aschreiwen. Ëm 20 Auer as e Concert vun der Harmonie Schëffléng an duerno Bal mam Orchester „Grafitti". *936400*

**Wormer.** – Sonndig, 25. Juni 1995, Darrefkörmes zou Wormer mat Presentatioun vun der grieschten Dame blanche vun der Welt, ± 3 Tonnen. Kiirmesmenü – Spiller an Attraktioune fir is Kleen asw. Org. Entente Darrefkörmes 95 *935492*


**8. Wäifest**
Samsdeg, 24. Juni 95
LONGSDUERF
933599

**23. Gamicher Hamefest**
am grousse Festzelt
Freideg 30. JUNI – Fausti
Samschdeg 1. JULI – Challengers
Organ.: Pompiers-Fanfare Gamich

Haut
**AWACS**
zu Miedernach

Rouspert, 25. Juni
**Konscht-, Hobby- a Floumaart**
Ufank: 10 Auer
933099


**Uewerwampich.** – D'Mousquetaires invitéieren op hiren traditionelle Grillowend e Sonndig, de 25. Juni beim Vereinssall. Ufank: 19 Auer.

**Zëtteg (Bech).** – Rallye surprise um Velo e Sonndeg, den 2. Juli op der Zëtteger Gare. Org.: Spuerveräin Hemstel. *934281*

**Harel.** – Béierfest mat „Why not" den 1. Juli 1995. Rodeo-Tournéier den 2. Juli 95. Org.: S.P. Harel. *936341*


FONDATION LUXEMBOURGEOISE CONTRE LE CANCER
SMOKEBUSTERS
CLUB POUR LES JEUNES NON-FUMEURS DE 10 - 15 ANS
☎ 45 30 33


Am Montag, 3. Juli

## Sonderzug zum Schlumpfenpark

Am Montag, dem 3. Juli, organisieren die CFL in Zusammenarbeit mit der SNCF einen Sonderzug von Luxemburg zum Schlumpfenpark „Walibi Schtroumpfs" bei Hagondange. Der Park verfügt vor seinen Toren über eine eigene Haltestelle, und da der Teilnehmer mit der Fahrkarte auch die Eintrittskarte erhält, hat man sofort Zutritt zum Park ohne an den Kassen anstehen zu müssen.

Der Sonderzug verkehrt nach folgendem Fahrplan: Hinfahrt: Luxemburg ab 9.12, Bettemburg ab 9.23, Walibi-Schtroumpfs an 9.58 Uhr. Rückfahrt: Walibi-Schtroumpfs ab 17.06, Bettemburg an 17.47, Luxemburg an 17.58 Uhr. Der Zug hat bei Hin- und Rückfahrt Anschluß von und nach allen Linien.

Der Preis für diese Fahrt, inklusive Eintrittspreis in den Schlumpfenpark beträgt 800 F für Erwachsene und 600 F für Kinder bis zwölf Jahre. Bei Schülergruppen reist ein Begleiter gratis bei 15 zahlenden Schülern. Einschreibungen können ab sofort im Reisezentrum des Bahnhofs Luxemburg getätigt werden, von montags bis freitags von 7 bis 19 Uhr, Tel. 4990-5571.

F.K.

## Aus dem Memorial

○ Landwirtschaft. Im Memorial A, Nr. 47, mit Datum vom 15. Juni 1995, ist erschienen das Ministerialreglement vom 4. Mai 1995 „modifiant les prix unitaires prévus à l'annexe du règlement grand-ducal du 23 décembre 1987 fixant les prix unitaires applicables au calcul de coût des investissements subventionnés dans le cadre de la loi modifiée du 18 décembre 1986 promouvant le développement de l'agriculture".

○ Landwirtschaftliche Genossenschaft. In Gemäßheit des Artikels 3 des großherzoglichen Beschlusses vom 17. September 1945 über die landwirtschaftlichen Genossenschaften hat die landwirtschaftliche Genossenschaft „Le coin de terre et le foyer" zu Esch a.d. Alzette, ein Doppelt ihrer Statutenänderungen am 5. Mai 1995 am Sekretariat der Gemeinde Esch a.d. Alzette hinterlegt.


**ACHTUNG KINDER!!!**

bis zum 12. August organisiert ZACK in Zusammenarbeit mit dem Einkaufszentrum CONCORDE, den MATCH-Supermärkten, dem Knax-Club und unter der Schirmherrschaft des Luxemburger Kulturministeriums einen

**Super Schreibwettbewerb für die Kinder**
**der Jahrgänge 1982 bis 1989**
**(in zwei Altersklassen)**

*„Schreif mer eng Geschicht"*

Ihr bekommt eine Serie von acht Bildern, für jede Altersklasse verschieden, die Ihr zu einer Geschichte zusammenstellen könnt, wie Ihr wollt, und zu denen Ihr jeweils einen kleinen Text von ungefähr 80 Wörtern schreiben sollt. Es handelt sich diesmal um einen Mini-Krimi aus dem Mittelalter.

Es gibt viele Preise zu gewinnen, die bei Gelegenheit des zweiten Kinderbuch-Salons im CONCORDE (vom 8. bis 18. November 1995) überreicht werden.

**Die zwei besten Werke werden mit 10 000 F honoriert**

Die Jury wird präsidiert von der Nationalbibliothek aus Luxemburg

**Wie kann man mitmachen?**

**Ganz einfach, fragt die Gratisteilnahme-Broschüre, in der alle Einzelheiten enthalten sind:**

- **in den Auskunftschaltern, Geschäften und der Rezeption des Centre City CONCORDE**
- **in den Agenturen des LUXEMBURGER WORT**
- **in folgenden Buchhandlungen: Librairie Bourbon (Luxemburg, rue Bourbon), Lirairie-Papeterie Beaumont (Luxemburg, rue Beaumont), Librairie Daman (Diekirch), Librairie du Sud Esch/Alzette (Alzettestraße)**
- **in allen MATCH-Supermärkten des Landes**
- **und bei Eurem Knax-Club der Spuerkeess**

**Ihr könnt aber auch telephonisch oder schriftlich anfragen bei:**

**Editions Saint-Paul**
**ZACK**
5, rue Christophe Plantin
L-2988 LUXEMBOURG
Tél. 49 93-353

**Supermarchés MATCH**
rue du Cimetière
L-8018 STRASSEN
Tél. 31 31 33-253

LIBRAIRIE DU SUD
**Äert Bichergeschäft. Matzen an Esch**
74, Uelzechtstrooss. Am Luxemburger Wort


# *Eng KLACK fir eis SPROOCH*


ACTIOUN LËTZEBUERGESCH EIS SPROOCH
Adressen: Breedewee, 21
L-1917
Lëtzebuerg
Postkëscht 98
L-2010
Telephon 47 06 12
Fax 22 24 90 & 45 83 89
Cotisatioun/Mêmber: 500 Frang d'Jor
Postscheck: 6644-48

Redactioun fir dës „Klack":
de Comité
Norbert Zeches

Redactioun fir d'Klack N. 15 (30. September) mir an…Dir!
Thema: Eis Sprooch an d'Schoul…


## „E Summer wéi eng Saang"

Dës schéin al Lëtzebuerger Riedensaart geet äis ëmmer méi verluer, well mir ze soe keen esou e gliddegen, sonnege Summer méi erliewen, wou de Barometer an d'Lut spréngt an d'Sonn alles sengt.

Den Ausdrock „Saang" war fréier e Begrëff fir d'Leit. Si hun domat gemengt d'Verbrenne vun hire Planzen, vu Wues a Geäschts no dem Ruede vun Heedflaatschen, Louhecken an Dännebëscher. Speziell am Éisléck hate si hir helle Freed un de Saangefeieren. Wann déi nach d'Nuecht duerch geliicht hun, gouf dorëmmer gesot: „D'Saange liichten"! An de Frantz Clement seet äis am Gedicht „Hiirschtfeier": „An d'Saang wäit an no, dämpt wéi verlooss op jidfer Bierg".

D'Saangen huet deemols e ganz bestëmmten Zweck erfëllt: nämlech no dem Saange sin d'Stecker mat Kar (Kuer) ageséint gin an d'Saangen huet als Mëschtes gedéingt. – Op der Musel as „d'Saang" eng gefaarte Riefkrankheet, déi d'Blieder vun den Drauwestäck dir gi léisst.

Milly Thill

## Gehaansquénkelcher…

Wou sin da nëmmen eis schéi Gehaansfénkelcher, -déiercher, -quonken, -mécken, -wiermercher, déi ëm Gehaansdag owes an der Däischtert dorëmmer fléien a schwiewen? Si sin an dene leschte Joren zu enger Selenheet gin, well eis Summere sin hinnen ze kal, ze naass, ze verreent, ze verschassen… An d'Mënsche vun haut verpeschten hinnen d'Loft a streën deene Grimmelsdéiercher ze vill Gedrecks iwwer Gaart a Flouer. –

Mä hu mir nawell emol d'Chance op engem gemitterlech genësserlechen, waarme Summerowend esou e léift, butzegt, misteréist Déierchen, dat liicht ewéi Grénge-spoun, ëm äis fléien ze gesinn, da freet sech jonk an al. „D'Gehaansquénkelcher fléien, 't gët gutt Wieder", prophezeien erfueren eler Leit. Aner deite se als „porte-bonheur". An de Jonktem, absëns eis Kanner, déi sprangen op, rennen hinnen no a wëlle si afänken. Mä dat geléngt hinne selen a wann, jo, dann as et gläich eriwwer mat deem romanteschen Zauwer. Eis Gehaansquénkelcher man hir Liichtercher aus a gin de Geescht op.

Milly Thill

## Pissenlit

Git emol Samschdesmuerges op de Knuedler a passt emol gutt op, wat do vu Stacklëtzebuerger Leit alles um Maart geschwat gët. Do fand der dann extra-chique Madammen, mat Koséng Ficelle Alluren, si spëtze fein hire Mëndchen a froen no: „Pissenlit".

Mir hu fréier, och hei an der Stad, ni anescht wéi Bettseecheschzalot gesot, an hun näischt dobäi font. Mä gewësse Leit fannen esou e Wuert nët schéin, a stelle sech déi Saach zevill bildlech vir. Pissenlit wiirkt dach villméi fein, hei kann ee säi rénge Mëndche schéi spëtzen, a gleewen din, ët wär ee méi gebild, och wann een e Wuert gebraucht, wat anescht kléngt an awer genee dat selwecht seet.

Ons Sprooch as hei nët méi graff wéi dem Noper seng, an arem as se och nët. Den Henri Klees bréngt a sengem Buch: „Luxemburger Pflanzennamen" eleng fir dës Planz iwer zwanzeg aner Nimm. Et sollen der nach méi uechter d'Land gin. Hei e puer eenzelner dovun erausgegraff: Aërstack, Aërplausch, Beieblumm, Botterblumm, Blosblumm, Luuchteblumm, Wisenzalot, Zaloteblumm, a.s.w.

*N.B.: Iwregens: Bettseechesch heescht nach laang nët Betseecher.*

R.M.

## Al Haiser

*Al Haiser, déi an ale Gaasse stin,*
*hun déif am Schiet vu Kummer a Gemaach*
*eng heemlech Séil, a wann se waakreg gin*
*am leschte Liicht vun engem kloren Dag,*
*am Summer op an zou, da brennt eng Glouss*
*an hire Raute wéi eng heemlech Freed.*
*Al Haiser hun eng Séil, déi owes grouss*
*no kloren Dee an hire Raute steet.*

*Marcel Reuland*

Wann een d'Gedicht „al Haiser" nët nëmme „liest", mä op sech wiirke léisst, a sech eragoe léisst, da geet ët engem bannewänneg op ewéi eng Blumm déi de Knapp opdeet… d'Sprooch, den Takt, de Klank, en déift Bild vun engem grousse Meeschter: waarm, roueg, näischt wat jäizt an ower klor an däitlech. Hei hu mir ët mat enger Leeschtung ze din, déi d'Fransousen esou gär e „coup de génie" nennen. Dëst klengt Gedicht „gloust ewéi eng Sonn" iwer allem, wat bis elo an eiser Sprooch geschriwe gin as; ët weist ower och, datt eis kleng a kleesper Sprooch an den Hänn vun deem richtegen Talent himmelwäit iwer dee „Baueren-Dialekt" erauswuesse kann, fir deen der en etlech se heiansdo wëlle verjoberen … déi d'Lëtzebuergescht nët kennen oder nët kënnen.

Kënnt een dem Marcel Reuland säi Gedicht nët och fir eis Sprooch selwer huelen? Huet si nët och bei jidferengem vun äis „déif vu Kummer a Gemaach eng heemlech Séil", a brennt nët och an hire „Rauten" eppes „wéi eng heemlech Freed"? Dat huet ee vläicht am beschten déi ze froen, déi laang vun heiheem fort waren oder sin … well ët jo nun emol sou as, datt doheem selwer „kee Prophéit as".

Vill vun eise jonke Leit dreemen an tiirme vun engem „ale Bauerenhaus oder -haff", ët brauch een nët laang ze froe firwat: si sichen no Rou, no Heem-lechkeet, no deer Ausgeglachenheet, déi ee méi no bei der Natur „um Land" fënnt. An enger Welt, déi ëmmer méi wibbeleg a verspellegt gët, déi sech op all Manéier an ëmmer méi séier iwerschléit, do as e Gedicht ewéi „al Haiser" eppes ewéi eng Salef op „wëllt Feier". Mä kann een an enger Zäit, wou ëmmer méi hirmiddeg Kaméidis-Schléier nët Watt genuch kréie fir Kreesch ze din an eng arem Gittar ze péngegen … kann een do nach erwaarden oder verlaangen, datt een 8 ganzer Zeile roueg liest a bedenkt? An e sëlleche vum Marcel Reuland sénge lyresche Gedichter fanne mir wiirklech déi Rou an dat Nodenkes, déi esou ville vun äis esou batter fehlen. Datt een dofir keng glënnereg Faarwekëscht voller „Héich-Sprooch" brauch, mä just déi richteg Mëschung an dat giedlegt Wuurt op sénger Plaz … dat weist de Marcel Reuland äis … an 8 Zeilen!

L.R.

## Bimbam

D'Lynn huet fir säi Gebuertsdag e klengen Hond kritt. Ganz opgeregt kënnt et an d'Stuff gerannt an 't rifft: „Mamma, Mamma! Eise Beauty kann ewell e Konschtstéck. E steet op dräi Been an en hält sech mat deem véierten um Kicheschaf un."

*

An der Reitschoul an der Millebaach freet d'Mamm e klengt Meedchen, dat amgaang as séng Reitstiwwele propper ze maachen: „So, Germaine, weess du nët, wéini datt eist Chantal mam Reide fäerdeg as?" „Ma dat misst all Abléck kommen, well säi Päerd as schon eng Weilchen do."

*

D'ganz Famill sëtzt ronderëm den Dësch: 't geet drëm, fir di nächst Vakanz ze plangen. Du mengt de Jong vum Haus: „Am allerléifste géng ech anzwousch higoen, wou ech ewell laang nët méi war!" Doerobber seet de Papp: „Ma da géi emol bei de Coiffeur!"

### E puer al Wiederregelen:

Wann et kee Wanter gët,
gët et kee Summer.


Zankt Lorenz mécht eng
Saang oder eng Stränz.

---

Wat as dat?
E „Summerhaischen"
Antwert: E Schiethaischen.

…an e Summervugel?
Antwert: e Saisonaarbechter
op engem Bauerenhaff

M. T.



## Ëm de Gehaansdag…

Den Zoufall wëllt et, datt dës Klack um Fest vum hellege Gehaans dem Defer laut. Dat gët äis d'Geleënheet, e bëssen nozekucken, wat et esou mat deem Gehaansdag op sech huet. Fir d'éischt as et emol den Namensdag vun all denen, déi Jean, Johann, Jhang, Jhangeli, Jhängi, Jann, Jänni, Jhei, Haans, Hanes, Hänschen oder wéi och ëmmer heeschen. Et as ee vun denen am meeschte gebrauchten Nimm hei zu Lëtzebuerg, an duerfir wëlle mer d'Geleënheet nët verpassen, hinnen all fir hiren Dag ze wënschen.

De Gehaans kënnt awer och an enger ganzer Rei vun Ausdréck vir, vun denen hei nëmmen déi wichtegst genannt gi kënnen. E Gehaansapel as en Apel, deen ëm d'Fest vum Hellegen, also Enn Juni, zeideg gët. D'Gehaansblumm bléit an de Wisen; si gët awer och Feierblumm, grouss Margréitchen, Wisemargréitchen an Hondsblumm genannt. An dësen Deg kann een och d'Gehaansdéierchen, d'Gehaansfénkelchen, d'Gehaansméck, de Gehaansquénkelchen, de Gehaansquonk oder de Gehaanswiermchen doruechter fléie gesinn: dat as en Zeechen dofir, datt et gutt Wieder gët. De Gehaanskiewerlénk – och Heekiewer genannt – kraucht dann och geschwënn duurch d'Hee. Am Gaart fanne mer d'Gehaanskréischel, déi rout Kréischel, déi och Wäikréischel oder Klängelchen heescht.

An der Zäit gouf de 24. Juni um Gehaansbierg zu Diddléng de Gehaansmaart ofgehal zu Eiere vum hellege Gehaans, deen do als Patréiner vun der Regionalkiirch uewen um Bierg veréiert gouf. Him zu Eier gouf och de Gehaansdanz ofgehal, e rituellen Danz, dee méi wéi secher mat den Danzepidemië vum 14. a 15. Jorhonnert zesummenhänkt. Duurch dësen Danz sollte vrun allem epileptesch Krankheten, wéi de Veitsdanz, geheelt gin. (En ähnlecht Phänomen steet jo och allem Uschäin no um Ufank vun der lechternacher Sprangprëssëssioun.) Et gët gesot, datt an deem Ament, wéi de Gehaansdanz um Gehaansbierg ofgeschaaft gouf, d'Véi an de Ställ gedanzt a gebrëllt hätt, an datt de Gehaansdanz elo vun den Engelen an engem anere Land ofgehal géif, bis zu deem Dag, wou en nees um Gehaansbierg agefouert géif gin.

Mam Gehaansdag sin och eng Rei Riedensaarten a Bauereregele verbonnen. Sou gët gesot, datt d'Gromperen dräi Deg vir Gehaansdag an dräi Deg duerno nët däerfe gehéicht gin. Fréier soten d'Leit: „Wie Gehaansdag fréi opsteet gesäit d'Sonn danzen – deen as esou gutt ewech wéi e Fudder Mëscht ëm Gehaansdag."

D'Riedensaart „Wien op Gehaansdag op d'Welt kënnt, deen huet keng Stëmm fir ze sangen", verwonnert een dogéint, well huet dach den hellege Gehaans – wann och indirekt – awer eppes mat Musek ze din. Vun den Ufankssilbe vum alen Hymnus, deen d'Kiirch op séngem Fest gesongen huet – en Hymnus, deen op d' 9. Jorhonnert zréckgeet – kommen nämlech d'Nimm vun den Nouten, déi d'Sänger an d'Musikanten haut nach am Solfège léiere mussen:

**Ut** queant laxis **re**sonare fibris
**mi**ra gestorum **fa**muli tuorum
**sol**ve polluti **la**bii reatum
Sancte Ioannes.

Mä am Fong geholl: een deen d'Noute kennt, muss duerfir jo nach nët sange kënnen…

C. B.